LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 4975 vum 20.10.2026 vum honorablen Deputéierten Jean-Paul Schaaf

1. *Wéi vill kommunal Buslinne sinn aktuell am nationale System mobiliteit.lu integréiert, a wéi vill dovunner stellen Echtzäitdaten iwwer hir Positioun an hir Arrivéeën zur Verfügung?*

Et ginn momentan 7 Gemengen déi en regulären Service matt enger oder méi Buslinnen ubidden, dovu sinn 20 Linnen am System mobiliteit.lu integréiert. Keng vun den Linnen liwwert den Ament Echtzäitinformatiounen. Ruffbussen sinn an dësen Zuelen net berücksichtegt.

Nieft de kommunale Buslinnen, bidden 56 Gemengen en Nuetsbusservice un, oft bedéngen des Linnen méi Gemengen. 31 vun dëse Linne sinn am System mobiliteit.lu integréiert.

2. *Wéi eng technesch Viraussetzunge mussen d'Gemengen erfëllen, fir hir kommunal Buslinnen un den nationale System fir Echtzäitinformatiounen unzeschléissen?*

Eng Gemeng, déi hir kommunal Buslinnen an de System vu mobiliteit.lu integréiere wëll, muss sech en informatesche System uschafen, an deem si hir Buslinne plangen a verwalten kann. Dëse System muss et erméiglechen, souwuel d'Donnéeë vun de geplangte Buslinnen ewéi och d'Echtzäitdaten zu der Positioun vum Gefier iwwer standardiséiert Schnëttstellen un den nationale System ze iwwerdroen.

Zousätzlech mussen d'Bussen mat den néidegen Komponenten equipéiert ginn, fir hir Positiounsdonnéeën ze erfaassen an ze iwwerdroen. Dofir ass e Planungs- an Ortungssystem néideg.

Doriwwer eraus däerf den organisatoreschen Opwand, deen néideg ass, fir de d'Notzerinnen an d'Notzer eng qualitativ héichwäerteg Informatioun ze garantéieren, net ënnerschat ginn. Bei der Planung vun de Buslinne mussen och Chantieren an aner Evenementer mat engem Impakt op d'Zäit oder de Verlaf vun der Linn berücksichtegt ginn. Ideal ass et, d'Buslinnen och am operative Betrib ze iwwerwaachen, fir op net geplangte Stéierungen, zum Beispill Accidenter, ze reagéieren an d'Notzerinnen an d'Notzer zäitno iwwer Ännerungen ze informéieren. Dat gëllt souwuel fir Stéierungen op de Strecken ewéi och fir Problemer mam techneschen Equipement u Bord vun de Bussen.

3. *Mat wéi engen eemolegen Investitiounen a järleche Fonctionnementskäschte muss eng Gemeng rechnen, fir eng kommunal Buslinn an dëse System z'integréieren? Wéi setzen dës Käschte sech zesummen?*

Den genauen initialen Investitiounsopwand kann net generaliséiert beäntwert ginn well dëse Montant vun verschiddenen Facteuren ofhänkt. Den Investissement ëmfaasst souwuel d'Hardware, d'Formatioun vum Personal an d'Bereetstelle vun engem Aarbechtsposten fir déi zentral Steierung, wéi och zousätzlech Investitiounskäschte pro Bus fir d'Verkabelung, d'Konfiguratioun an d'Installatioun vum néidege Bordequipement. Den kompletten eemolegen Investissement hänkt also vun dësen Variaablen an jeeweilegen Offeren of.

Änleches gëllt fir järlech Betribskäschte déi sech aus dem Hannergrondsystem inklusiv Hosting, Lizenzen a Wartung wéi och dem Bordequipement zesummensetzen. Zousätzlech mussen hei

d'Käschte fir den organisatoreschen Opwand an d'Gestioun duerch d'Personal vun der Gemeng oder engem externen Prestataire berücksichtegt ginn.

Ofhängeg vun de Verhandlungen, de bestallte Stéckzuelen, de konkrete Leeschtungsufuerderunge an dem Fournisseur kënnen d'Käschten variéieren.

4. *Ginn et aktuell staatlech finanziell oder technesch Ënnerstëtzungsmoossnamen, déi de Gemengen dës Integratioun erliichteren?*

Aktuell si kéng finanziell Hëllefe virgesinn, bei konkrete Projeten oder Froe kënnen d'Gemenge d'Verwaltung fir ëffentlechen Transport kontaktéieren.

5. *Ass d'Madamm Ministesch bereet ze préiwen, ob kommunal Buslinnen, déi eng komplementär Funktioun zum nationale RGTR-Reseau erfëllen, an Zukunft vum Staat an den nationale System fir Echtzäitinformatiounen integréiert kéinte ginn, ouni datt déi betraffe Gemengen déi voll Käschte mussen droen?*

Dem Ministère steet kee Budget an dësem Zesummenhang zou.

6. *Ass virgesinn, datt am Kader vun der aktueller Moderniséierung vun der Informatioun fir d'Passagéier och d'Echtzäitdate vun de kommunale Buslinnen an der App mobiliteit.lu an op den elektroneschen Affichagë bei de Busarrêten ugewise ginn?*

Och no der Moderniséierung vun der Passagéierinformatioun kënnen d'Echtzäiten vun de kommunale Buslinnen net an der App mobiliteit.lu ugewise ginn, wann d'Gemengen net déi néideg Datë liwweren. An der Äntwert op d'Fro 2 gëtt erkläert, wat eng Gemeng muss maache fir datt d'Echtzäiten vun hiren Gemengenlinnen kënnen an de System vun mobiliteit.lu integréiert ginn.

D'Echtzäite vun de kommunale Buslinne kënnen op den elektroneschen Affichagë bei de Busarrête just ugewise ginn, wann dofir déi néideg Date virléien.

Lëtzebuerg, den 6. November 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes